N°3943
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3943 vum 20. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Ass de Minister dorunner interesséiert ze wëssen, ob et Produktiounsfirmen gëtt, déi dem selwechten Bénéficiaire effectif gehéieren? Falls net, firwat net?**

Virop ass et wichteg drun z'erënneren, datt d'Aides financières sélectives (AFS), déi de Filmfong accordéiert, keng Hëllefen u Gesellschaften duerstellen, mee, no de Reegele vun der Europäescher Kommissioun (notamment dem Artikel 54 vum Règlement [UE] n° 651/2014), un audiovisuell Projeten accordéiert ginn, déi iwwer eng oder méi Produktiounsgesellschafte produzéiert ginn. Keng Reglementatioun verbitt, datt verschidde Gesellschaften de selwechte Bénéficiare effectif hunn.

D'Beneficiairë vun den Hëllefen iwwerreechen dem Filmfong järlech, op Basis vun engem kontraktuellen Accord, en RBE Extrait. Doduerch ass och all Bénéficiare effectif vun den opgeléschte Filmproduktiounsgesellschaften identifizéiert a beim Filmfong bekannt.

Wat déi ugeschwaten Tableauen uginn, esou goufen dës, mat der aktualiséierter Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3750, de 27. Abrëll un d'Chamber nogereecht.

Lëtzebuerg, den 22. Mee2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill